LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf 519/19

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 SEP. 2019

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 6 septembre 2019

Objet: Question parlementaire n° 1099 de l'honorable Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 1099 de Monsieur le Député Sven Clement

1. **Wéi kontrolléiert de Ministère, ob déi virgesinne Frist vu 24 Stonnen och agehale gëtt?**

   Déi zoustänneg Firma enregistréiert all Demande d'enlèvement mat Datum an Auerzäit, an dokumentéiert all Ewechhuelen vun Kadaveren. Dës Donnéeën ginn dann bei der jäerlecher Visitt vun der Firma hirem Site zu Lëtzebuerg (Schwunnendall) kontrolléiert.

2. **Wéi vill Reklamatiounen weins engem verspéiten Asammelen vun Déierekadaver sinn dem Landwirtschaftsministère bekannt?**

   Et sinn an der Moyenne manner wie 6 Reklamatiounen am Joer; dës konnten ëmmer mat engem Telefonsgespréich oder enger Mail mam Responsabelen vun der Firma fir Lëtzebuerg schnell an onkomplizéiert geléist ginn.

3. **Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Viraussetzung Déierekadaver noutwennegerweis mussen esou ze deposéieren, dass se vun der Strooss aus siichtbar sinn, opgrond vu Problemer eréi Gerochtsbelästegung an Insekte Bildung sollt ofgeschaaft ginn, an dass deposéieren vun Déierekadaver op oppenen an asichtege Flächen ganz allgemeng sollt verbuede ginn?**

   All Betrib huet eng bestëmmten, an ëmmer di selwecht Plaz wou d'Kadaveren deposéiert ginn fir dass den Chauffer net laang brauch duerno ze sichen. Di soll um Rand vum Betrib sinn fir dass aus seuchentechneschen an hygieneschen Grënn den Camion net muss duerch den ganzen Betrib fueren, an di muss op festem Ënnergrond sinn fir dass den Camion propper bleift.
   Déi meeschte Betriber hunn eng entspriechend Plaz (op den groussen Schwéngsbetriber stinn gekillten Container) ouni dass jiddwer Passant den Kadaver muss gesinn, soss besteet ëmmer nach d'Méiglechkeet de Kadaver mat enger Baatsch zouzedecken.
   D'Gerochsbelästegung an d'Insektenbildung ginn duerch di 24 Stonnen Frist vum Ofhuelen op e Minimum reduzéiert.

4. **Weess de Minister, wéi vill Déieren an de leschten 10 Joer pro Joer ofgeholl gi sinn? Em wéi eng Aarten huet et sech do jeeweils gehandelt?**

Hei sinn Zuelen fir 2018, dës Zuelen variéieren net vill vu Joer zu Joer sinn och am jeeweilegen Rapport annuell vum Ministère no ze liesen.

Kaalwer	12.437
Ranner + Kéi	6.587
Fierkel	2.757
Schluecht Schwäin	4.168
Zucht Schwäin	531
Schof an Geessen	1.834
Päerd an Fillen	334